

En Tüirchen am Allerséilemound

Den Nik. Welter huet engker an der Allerséilenzäit um Michel Rodange séngem Graf e kleespre Kränzche fond. Wien hat en duer geluegt? Ech wees et nët; ma et war e Gedichtchen dobäi, an deem e Merci vun der Heemecht ernimmt guf. En einfacht Graf, e méi wéi einfache Kränzchen; an dat fir en einfache Mann, deem eist Land an eis Sprooch en décke Merci schëlleg sin!

Ower, éierlech, wéssst Dir, wou dem Rodange säi Graf as? Sid Dir ewell iwerhaupt engker e rouegen Tüirchen iwwer de Kiirfecht bei der Fouerplaz getréppelt, dee jo nach haut den Numm vun sénger aler Kiirch, der Niklos-Kiirch huet? Do as de Rodange vrun 103 Jor begruewe gin, a vrun him an no him e sëllicher deer Leit, deer mir op alle Buchsäiten aus eiser Geschicht vu gëscht a virgëscht begéinen; och aus der Vergaangenheet vun eiser Sprooch.

Gewëss, mir brauche kee Mausoléium fir eis Dichter oder Schriewerten oder Komponisten; de Panthéon wir eiser Geschicht eng Parti Nummeren ze grouss; e Krees, fir op engem „Zentralfriedhof“ wéi zu Wien eis kleng a grouss Gréissten dra beieneen ze leën, dee bräicht nët eeschtlech an d’Breet ze goen. An deem Sënn hu mir besser verstänneg ze bleiwen: Kleng, ma reng, an ouni Hunnekamp; doranner ka jo och grad d’Gréisst vun dene Klenge leien!

Um Nikloskiirfecht huet sech esou sëlliche vun eiser Geschicht ganz no beienegeduckelt, datt mir roueg vun engem National-Kiirfecht schwätze kënnen. Hei läit nët nëmme eise Rodange; mir fannen och de Méchel Lentz, an den N.S. Pierret, mir begéinen de Willy Goergen, de Batty Weber, de Siggy vu Lëtzebuerg (Lucien Koenig) an den Demy Schlechter, de

Leo Moulin an nach vill anerer, déi mir aus dem Streech vun eiser Sprooch kennen. De Komponist vun der „Heemecht“ huet, grad ewéi den Text-Dichter, säi Graf bannent deselwechte Maueren, wou d’Hinzerter Kräiz un déi erënnert, déi fir eist Land an „d’Fräiheetsson“ d’Liewe gufen.

Natiirlech soll een nët ëmmer hannerzuech kucken, an éiweg an der Vergaangenheet piddelen; et soll ee jo och nët mat engem hänkege Kapp duerch d’Liewe lafen, an nëmme un déi am Bueden denken. Vill besser as et, wa mir äis un dat erënnere, wat si äis heigelooss hun; besser och, wa mir dat an der Riicht halen.

Bei engem Tüirchen iwwer den Nikloskiirfecht kënnst een sech jo emol d’Fro afale loossen, firwat da Leit ewéi de Rodange, de Lentz, de Goergen oder de Koenig esou déck Stécker op eis Sprooch gehal hun. Bestëmmt nët fir e Stroossennumm oder e feierleche Marbersteen (och wa beim Neien Theater an am Parc emol un eis Leit geduecht kënnst gin . . .). Si haten eng sympathesch Iddi vun hirem Land, sénge Leit an hirer Sprooch; bei méi wéi engem as déi Iddi an en Ideal ëmgeschloen, dat een nët onbedéngt muss ënnerschreiwen, dofir ower nët manner respectéiere soll.

Wann eis Sprooch nach haut – oder erëm haut – nach do as, a mir hautesdaags roueg behaapte kënnen, datt si e wichtegt Stéck vun eiser Identitéitskaart as, da geet och eise Merci op en etlech einfach Griewer um Nikloskiirfecht. Dee schéinste Merci ower, dee mir fir si kënnen hun, dat as ganz sécher e léiwe Gedanken un hir Aarbecht an eiser Sprooch. Mat hiren Nimm an hirem Ideal als Stäip as et äis vill méi liicht, fir mat lech zesumme eiser Sprooch déi Plaz ze halen oder ze gin, déi si verdéngt, well mir se do néideg hun. Dat as méngerwäreg Ursaach genuch, fir am Allerséilemound op dës Manéier eng kleng Blimmche fir déi Leit iwwreg ze hun.

